N°3384
Entrée le 21.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse du ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, à la question parlementaire n°3384 du 23 décembre 2025 des honorables députés Stéphanie Weydert et Jeff Boonen au sujet de l'accès au réseau pour les projets d'énergies renouvelables**

- **No wéi enger konkreter Prozedur entscheeden Netzbedreiwer, e Projet op eng Waardelëscht ze setzen oder en direkt zréckzehalen?**

- **No wéi enge Krittären gëtt festgeluecht, wéi ee Projet Virrang kritt, wann net genuch Netzkapazitéiten disponibel sinn? Gëllt dobäi ausschliisslech de Prinzip „first come, first served", oder ginn och aner technesch oder energiepolitesch Krittäre berécksiichtegt**?

Fir eng méiglech Diskriminatioun ze evitéieren, ginn d'Demandes de Raccordement effektiv no der Logik „first come, first served" behandelt. Dat bedeit, dass d'Projeten, déi eng valabel Demande areechen, a chronologescher Reiefolleg behandelt ginn. Soulaang d'Berechnunge vum Netzbedreiwer erginn, dass, ënnert der Berücksichtegung vu schonn installéierten a scho geneemegte Projeten nach Kapassitéiten um Reseau fräi sinn, kritt dëse Projet dann en Accord fir ugeschloss ze ginn. Weist dës Berechnung, dass net méi genuch Leeschtung op där Platz fräi ass, kënnt en op eng Waardelëscht. De Projetsbedreiwer gëtt entspriechend doriwwer informéiert, zesumme mat enger Indicatioun wéini déi ugefrot Kapassitéit disponibel gëtt.

- **Ginn et gréisser Acteuren déi e gewëssene Prozentsaz vun de Capacitéite reservéiert hunn? Wann jo, wie sinn déi Haaptacteuren?**

Jo, et ginn Acteuren, déi e gewëssene Prozentsaz vun de Capacitéite reservéiert hunn. Déi meescht Capacitéite sinn am Wandberäich reservéiert an déi dräi Acteure mat deene meeschte Reservatiounen hunn ongeféier 64,5% vun den ugefrote Capacitéite reservéiert. Aus Grënn vu Confidentialitéit tëscht de Projetsentwéckler an de Reseausbedréiwer kënnen d'Nimm vun deenen Acteuren net kommunizéiert ginn, well dëst sensibel kommerziell Informatioune sinn, déi Abléck an intern Ugeleeënheete vun deenen Acteure kéinte ginn.

- **Ginn Differenze gemaach tëscht Photovoltaik- a Wandenergieprojeten, tëscht groussen a klenge Projeten oder tëscht Héich-, Mëttel- an Nidderspannung?**

Wéi an der éischter Fro erkläert, gëtt hei keng Ënnerscheedung gemaach fir eng méiglech Diskriminatioun ze evitéieren.

- **Wéi gëtt Transparenz fir d'Projetsträger an d'Ëffentlechkeet iwwert disponibel Netzkapazitéiten an d'Reihefolg op de Waardelëschte garantéiert?**

Am Kader vum Prozess „Einfach Séier Erneierbar" ass d'Problematik vun de Reseauskapassitéiten mam Secteur diskutéiert ginn. Dobäi ass festgehale ginn, dass Projeten, déi accordéiert, mee nach net fäerdeg gebaut sinn, e méi strikte Kader solle kréien, fir hiert Recht op Uschlosskapassitéit ze halen, dat am Aklang mat enger genereller administrativer

Simplificatioun an Acceleratioun. Am anere Fall ginn d’Kapassitéiten erëm fräi a kënnen anere Projeten attribuéiert ginn.

Dëse Prozess, wou säitens den Développeuren Etappenzieler mussen erreecht a bewise gi fir d'Netzreservéierung ze behalen, ass ugelaf an d'Iwwerpréiwung ass am Gaang.

Fir och ëffentlech d’Transparenz par Rapport zu de Projetsentwéckler ze erhéijen, wäerten d’Netzbedreiwer zäitno eng Kaart publizéieren, op där een Informatiounen iwwer déi verfügbar Kapazitéit fir erneierbar Energien regional wäert kënne gesinn.

Luxembourg, le 21/01/2026
Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l’Énergie et du Tourisme
(s.) Lex Delles